Gemengerot

# vum 6ten Februar 2026

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** d'Madamm Cheryl Geschwind (CSV), Gemengeconseillère

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser d'Punkten 9.2.; 9.3 an 9.6.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

### KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 6ten Februar 2026. Den Ordre du jour vun der haiteger Sëtzung gëtt unanime ugeholl. Entschëllegt de Moien ass d'Madamm Cheryl Geschwind.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)** informéiert iwwert eng gewësse Polemik mat der Epicerie sociale, déi zurzäit herrscht. D'Epicerie sociale ass säit Joren zu Stengefort, mä déi kann do net bleiwe well d'Gebai, an deem se sech befënnt, ufänkt veraalt ze ginn. Et war ëmmer an Diskussioun wou déi Nei soll hikommen. Den Office social Stengefort, mat deene Gemenge wou dodrun hänken, Käerch, Habscht, etc, wollt ëmmer eng Léisung um Wandhaff fannen, mä déi ass ni richteg konkretiséiert ginn. De Bureau vum Office social hat eng Entrevue den 23ten Januar 2026 mam Schäfferot vun der Gemeng Mamer. Déi nei Epicerie sociale kënnt an dat neit Gebai zu Mamer wou ursprénglech sollt e Supermarché hikommen, wou Demandeuren sech awer zeréckgezunn hunn. Et handelt sech ëm dat Gebai vis-à-vis vun der Pizzeria La Croccante. Dat gouf wärend der genannter Entrevue esou decidéiert.

**Den Här Guy Breden (CSV)** deelt mat datt nächste Mëttwoch d'Ëmwelt- an Energiekommissioun en Informatiounsowend organiséiert iwwert d'Wärmepompel. D'lescht Joer war d'Thema Fotovoltaik an do hunn 80 Leit deelgeholl. Déi jëtzeg Informatiounsreunioun gëtt erëm gehale vum Här Andy Welter vun der Klima-Agence, deen och an der Gemeng Kielen wunnt. Den Här Guy Breden wär frou wann och Membere vum Schäfferot a vum Gemengerot kéinten deel huele wëll dës Reunioun ass ganz informativ. Et ass just esou datt de Virtrag theoretesch just op Lëtzebuergesch ass, mä den Här Andy Welter ass bereet och op Franséisch an op Englesch deelweis ze diskutéieren. De Powerpoint ass och op Franséisch, mä et goufen awer leider keng Iwwersetzer méi fonnt well déi waren all ausgebucht.

De Sigi (Syndicat Intercommunal de Gestion informatique) war vill an der Kritik mä dëse wäert an d'Zukunft liwweren. D'Gemeng Kielen wäert och d'Informatiounscampagne kréien déi si ka weiderginn un d'Bierger. Ab nächster oder iwwernächster Woch wäerten alleguerten d'Facturatiounen online um (verschidde Gemenge maachen et och schonns iwwert Email) Guichet.lu funktionéieren. Dat heescht fir alles wat vu Facturatioun iwwer Bréif erausgeet, verschidde Gemenge maachen et och schonns iwwert Email, kann de Bierger iwwer Guichet.lu soen datt dësen se lo gären digital hätt an zwar iwwert de selwechte Portal. Dat huet verschidde Virdeeler, mä et muss een awer wëssen datt d'Rappellen nach ëmmer iwwer Pabeier ginn, wëll et besser ass dës ze verschécken. Et wäerten och an d'Zukunft ëmmer méi Produkter kommen. De Gemengerot kritt och eng Invitatioun fir de Sigi-Day deen am Juni wäert organiséiert ginn. Am Kader vun dësem Event kann een dann erausfanne wat an Zukunft wäert geschéien, de Sigi ass amgaangen net méi ze verspriechen, mä ze liwweren.

**D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP)** invitéiert op den internationale Fraendag, deen den 8ten Mäerz 2026 stattfënnt. De Rendez-vous ass um 10:15 Auer um Parking vis-à-vis vun der Verwaltung. D'Gemeng Kielen organiséiert dat genannten Event och dëst Joer erëm zesumme mat de Gemenge Stengefort a Mamer. D'Iesse fënnt am Engelsratt statt, sou wéi et virun zwee Joer de Fall war. D'lescht Joer waren esou vill Leit mat, wat mat sech bruecht huet datt déi nei Plaz e bëssen ze enk war, an dofir gouf d'Iessen dëst Joer nees an de Bësch verluecht. Wéi gesot de ganze Gemengerot ass häerzlechst invitéiert do matzegoen. Ëm 12:00 oder 12:30 Auer ka jiddereen erëm doheem sinn, well et sinn nach aner Manifestatiounen dee selwechten Dag, sou datt et méiglech ass och op dës ze goen. Merci.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** huet nach e puer Matdeelungen, ënnert anerem, bezüglech den Diskussiounen déi dës Woch stattfonnt hunn. E Mëttwoch am Schäfferot gouf et eng grouss Diskussioun betreffend dem Haus vu Keespelt wat baufälleg ass. Den Här Valentin Hilbert ass natierlech net méi am Haus well et liewensgeféierlech ass, an dierf och net méi zeréck. Zurzäit befënnt den Här sech am 'Centre de l'Oseraie' zu Koplescht an der Kielener Gemeng an ass wéi et schéngt ganz zefridden do. Hien war och mat enger Assistante sociale vum 'Centre de l'Oseraie' an der Gemeng fir e puer Froen ze stellen an huet gefrot ob hien nach e puer Saache kéint aus sengem Haus huelen, mä dat muss nach gekuckt ginn. An deem Kader huet och eng grouss Reunioun stattfonnt zesumme mat der Police. An deem concernéierten Haus waren, respektiv si Waffen an et leien och nach ronn 1.000 Schoss Munitioun do. Dat Haus ass extrem baufälleg an dëst gouf och vum Statiker confirméiert. Et war och en Entrepreneur an der Reunioun, deen erklärt huet wéi dat misst gemaach ginn, fir dat Haus ofzedroen, nämlech Stéck fir Stéck an ofgeséchert, notamment well dëst geschützt ass. Och den INPA (Institut national pour le patrimoine architectural) war mat dobäi, well d'Haus klasséiert ass. Viraussichtlech gëtt elo en Devis ugefrot, fir ze kucke wat et géif kaschte fir vum Daach un ofzerappen. Effektiv ginn d'Maueren net ofgerappt, mä den Daach gëtt ewech geholl, d'Mauerwierk stabiliséiert an da gëtt sech Schrëtt fir Schrëtt no virgeschafft fir dee ganzen 'Hausrat' erauszekréien. Dat geschitt alles vun uewen erof, well duerch déi klassesch Hausdier kënnt een net, well sech ze vill perséinlech Géigestänn am Haus befannen. Den Daach ass extrem baufälleg. Et kann ee Stand haut awer nach net soen, wat dat alles wäert kaschten, an da stellt sech natierlech d'Fro ween dat da soll bezuelen, et ass jo net der Gemeng hiert Haus. D'Finanziell Situatioun vum concernéierte Mann ass net bekannt. Jiddefalls kann dat Haus net esou stoe gelooss ginn, well et akut baufälleg ass an et geet jo net fir do näischt ze maachen.

Weider informéiert den Här Félix Eischen (CSV) datt 2014 am Musekssall zu Kielen eng grouss Reunioun iwwert de Verkéier stattfonnt huet un där de Minister François Bausch an den Här Camille Gira (deemools Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures) deel geholl hunn. Bei dëser Reunioun ass een zur Conclusioun komm datt näischt

soll gemaach ginn a punkto Contournement, mee datt op der Autobunn (A7) soll e Schëld '3t5' kommen an datt den Transit gerode kritt op dëser Autobunn ze bleiwen. D'Gemeng huet gefrot, och beim Ponts et chaussées, datt um Panneau, deen ee gesäit wann een iwwert d'A7 eroffiert an op deem 'Luxembourg' an 'Kehlen' steet, och Bréissel bäigefüügt gëtt. Dat heescht jiddwereen deen dann op där Plaz gefuer kënnt an dee muss an d'Belsch fueren, wär dann invitéiert ronderëm d'Stad, also um Ring, ze fueren. Dat ass awer lo net esou einfach, mä deemools, 2015, ass gesot ginn datt nach ni esou séier e Verkéiersreglement geholl gi wär. 2015 ass déi Strooss opgaangen an de Minister François Bausch hat deemools ugekënnegt datt do e Schëld opgestallt gëtt, respektiv eng Indikatioun fir datt de Schwéiertransport soll op der Autobunn bleiwen. Et handelt sech net ëm eng Interdictioun, mä et ass eng Invitatioun fir op der Autobunn ze bleiwen. D'lëscht Woch ass e Bréif agaangen deen den Här Félix Eischen an der Sëtzung virliest. Den Här Huss Frank vum Transportministère schreift datt déi concernéiert Servicer d'Signalisatioun op der A7 bei der Sortie Schëndels fir Camionen analyséiert hunn. Bei der spezifescher Transit Signalisatioun fir Camione gouf festgestallt, datt virum Tunnel Miersch d'Schëld D1A mam obligatoreschen Transit an 3t5 steet. Par contre op der Brëtel vun der Ausfaart selwer, fir raus op Schëndels ze fueren, feelt dëst Schëld. Et gouf der Gemeng matgedeelt datt dëst awer wäert schnellstméiglech dohinner gesat ginn. En Annex gouf dat gefrote Groussherzoglecht Reglement matgeschéckt. Bezüglech dem Trafic vu Camionen duerch d'Uertschaften, preziséiert den Här Félix Eischen datt op der A7 a Richtung Süden, 'Luxembourg' ëmmer als Schlussdestinatioun um Enn vun der A7 ausgeschëldert ass. All aner Destinatioun déi d'Camionen ufuere kënnen, sinn net direkt iwwert eng Signalisatioun gestéiert, an déi kënnen och net gestéiert ginn, mä et kënnt geméiss Erfarung vum Routenplaner déi GPSe benotzen. Et ass gutt datt dëst Schëld elo dohinner kënnt, ob dat elo vill hëlleft wäert sech erausstellen, et ass op jiddwerfalls net vu Muttwëll, well an der 30er Zon virun der Gemeng ass et elo méi schmuel. Mam technesche Service gëtt gekuckt fir eventuell eng Indicatioun op de Routenplaner ze setzen datt de Passage zu Kielen ebe schwiereg ass. Et ass technesch méiglech datt d'Leit dat matgedeelt kréien, ob si allerdéngs doropper zeréckkommen, kann een elo natierlech nach net soen. 'Lange Rede kurzer Sinn' et kënnt nach e Schëld dohinner, wat dann eventuell hëlleft datt manner Trafic duerch Schëndels rop op Keespelt ass.

Dëse Mëttwoch huet och eng Reunioun mam FC Kielen stattfonnt. Den Terrain 3 gëtt genotzt fir eng Schwämm ze bauen. Enn 2027, ufanks 2028 wäerten déi Aarbechten ufänken an da verschwënnt den Terrain 3, dat ass deen, deen sech niewent der Keespelterstrooss befënnt, an dee muss enzwousch ofgefaange ginn. Et gëtt gekuckt fir schnellstméiglecht eng Léisung ze fannen. Eng vun de Léisungen, déi awer nach weider ze suivéieren ass, wär, fir an der Liberatiounsstrooss do wou den Hondsterrain ass, eventuell en Trainingsterrain ze amenagéieren. Den Hondsterrain misst deemno an d'Gréngzon verluecht ginn. De Fierschter sot wann den Hondsterrain un eng BEP Zon (Zone de bâtiments et d'équipements publics) ugrenzt da wär et méiglech dat ze maachen, well um Hondsterrain jo och e Chalet steet an deem d'Spiller fir d'Hënn stockéiert sinn. Dat wär eng relativ schnell Léisung, notamment fir déi Trainingen déi normalerweis um Terrain 3 stattfanne kënnen eventuell op den aktuellen Hondsterrain ze verleeën. Et ass eng Ausaarbechtung vun enger 'Étude de faisabilité' amgaange fir en neien Terrain ze bauen op der Wiss déi d'Gemeng gesteet huet, Richtung Katrewang, direkt hannert dem Terrain 1. Den Terrain 1 muss och frësch gemaach ginn. Hei muss gekuckt ginn ob et erëm e klassesche Grasterrain gëtt, en Hybrid, heibäi handelt et sech ëm en Terrain aus Gras mat kënschtlechem Wues, oder e reng Syntheeteschen. An dësem Dossier gouf nach keng Decisioun geholl. Mat der Gemeng Koplescht gëtt e Syndikat gegrënnt fir d'Schwämm. Si ass awer och Demandeur fir, wat am Generellen déi sportlech Infrastrukturen ubelaangt, mat der Gemeng Kielen zesummen ze schaffen. Dat muss een alles nach kucken, mä et gëtt awer dru geduecht d'Objektiv vum Syndikat net eleng op d'Schwämm ze limitéieren, mä eventuell och e 'wording' virzegesinn, fir am offiziellen Dokument festzehalen datt dat Ganzt d'Sportinfrastrukture vu Kielen betrëfft.

Am Ausgank vun der Cité Beichel, eriwwer bei d'Schoul, ass en Zebrasträifen, mä dëse läit op enger Plaz wou e Geforepunkt ass, well vill Chaufferen an der Keespeltstrooss relativ séier aus dem Duerf erausfueren. Virun e puer Deeg ass e Meedchen, dat villäicht am 2ten oder 3ten Schouljoer ass, tëschent den Autoen déi am Stau stoungen duerchgaangen, well et wollt iwwert d'Strooss goen. De Probleem ass awer datt wann een op dësem Zebrasträife steet net schrecklech vill an net wäit gesäit, well d'Strooss eng Kéier mécht. D'Kand huet geluusst an an deem Moment ass kee Gefier komm, sou datt et konnt dunn iwwert d'Strooss goen. Dës Situatioun ass awer wierklech extrem geféierlech. D'Gemeng huet dës Gefor schonns bei der Ponts et chaussées gemellt, viru méi wéi engem Joer. Doropshin huet dës Verwaltung gesot si géifen awer nach eng Zielung maachen. Déi Zielung ass tatsächlech zu iergendengem Moment gemaach ginn. Den technesche Service freet dann ëmmer erëm no wou dës drun ass, respektiv ob doropshin iergendeng eng Auswäertung stattfonnt huet an ob mat enger Léisung ka gerechent ginn. D'Gemeng hätt wierklech gären dat dësen Iwwergank securiséiert gëtt. Eng Äntwert bleift leider aus, wat net gutt ass. Elo gëtt awer driwwer nogeduecht proaktiv virzegoen. Et kann een net éiweg waarden, net datt engem eppes do geschitt. Et gi soit Schëlder opgeriicht déi blénke mat Kanner drop, dat kann ee mobil maachen an et muss ee kucke wat Ponts et chaussées dozou seet, soit et amenagéiert een eng Knupp virum Zebrasträifen, da muss méi lues gefuer ginn. De Probleem ass datt een an deem Fall muss oppassen, well dat wär virun Haiser, datt dës Moossnam net ze vill Kaméidi mécht. Den technesche Service ass reegelméisseg a Kontakt mat Ponts et chaussées an der Hoffnung dat schnell gehandelt gëtt, fir ze vermeiden datt iergendengem eppes geschitt well et ass wierklech geféierlech.

## *1. Compromisen/Akten*

### *1.1. Nottärsakt fir de Verkaf vun enger Parzell situéiert an der rue de Kopstal zu Meespelt*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13532 deen de 6ten Januar 2026 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, an der Societéit Coprom S.A., vertrueden duerch hiren Administrateur vun der Klass A, nämlech dem Här Nico Arend, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt verkeeft d'Gemeng Kielen der Societéit Coprom S.A. d'Parzell n°1122/3626, Plaz, mat enger Surface vu 4,29 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Kopstal', Sektioun E vu Keespelt a Meespelt. Dës Vente fënnt fir e Präis vun 214.500,00 Euro statt. De Compromis deen dozougehéiert huet de Gemengerot a senger Sëtzung vum 24ten Oktober 2025 approuvéiert.

### *1.2. Nottärsakt fir de Kaf vun dräi Parzelle geleeën an der rue du Moulin an um Uert 'Braupesch' zu Dondel* *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13536 deen de 7ten Januar 2026 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, an der Koppel Remy/Burg ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°13/800, Strooss, mat enger Surface vun 0,03 Ar, geleeën um Uert 'Rue du Moulin', d'Parzell n°14/808, Strooss, mat enger Surface vun 0,02 Ar, geleeën um Uert 'Rue du Moulin' an d'Parzell n°14/812, Baach, mat enger Surface vun 0,05 Ar, geleeën um Uert 'Braupesch', all geleeë Sektioun D vun Dondel. Dësen Akaf fënnt fir e Präis vun 100,00 Euro statt. De Compromis deen dozougehéiert, huet de Gemengerot a senger Sëtzung vum 4ten Abrëll 2025 approuvéiert.

### 1.3. Nottärsakt fir den Echange vu Parzelle geleeën an der rue de Simmerschmelz zu Nouspelt *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt fir en Echange n°13577 deen de 16ten Januar 2026 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt tauscht den Här Nico Bontemps an d'Madamm Stéphanie Fève mat der Verwaltung vun der Gemeng Kielen d'Parzell n°2134/5179, Plaz, mat enger Surface vun 0,01 Ar, géint d'Parzell n°2134/5178, Plaz, mat enger Surface vun 0,28 Ar, béid geleeën um Uert 'Rue Simmerschmelz'. Bei dësem Echange entsteet eng Sult vun 270,00 Euro zu Gonschte vun der Gemeng Kielen.

### 1.4. Nottärsakt fir de Kaf vun enger Parzell geleeën an der rue de Roodt zu Nouspelt *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Nottärsakt n°13594 deen den 21ten Januar 2026 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, an der Madamm Marie Keizjer, souwéi dem Här Erik Kuhnel an dem Här Moritz Kuhnel, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dem genannten Akt, keeft d'Gemeng d'Parzell n°838/5257, Strooss, mat enger Surface vun 0,04 Ar, geleeën um Uert 'Rue de Roodt, Sektioun C vun Nouspelt, zu engem Gesamtpräis vu 40,00 Euro.

### 1.5. Nottärsakt fir de Verkaf vun enger Parzell geleeën an der rue de la Forêt zu Ollem *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Verkafsakt n°13626 vum 23ten Januar 2026 deen tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Här Marcello Stirparo, sou wéi der Madamm Patrizia Turlione, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Akt, verkeeft d'Gemeng d'Parzell n°758/2955, Plaz, mat enger Surface vun 0,02 Ar, geleeën um Uert 'Rue de la Forêt', Sektioun B vun Ollem. Dës Vente fënnt fir e Präis vu 400,00 Euro statt. Mat Hëllef vum selwechten Akt, deklaréieren d'Parteien ausdrécklech datt de Compromis fir en Echange deen am Virfeld vun dësem Akt ënnerschriwwe gouf, nämlech de 15ten Oktober 2025 an deen de 24ten Oktober 2025 vum Gemengerot approuvéiert gouf, opgeléist gëtt.

### 1.6. Nottärsakt fir d'Opstellung vun enger Servitude op Parzellen déi sech op den Uerten 'In Widem' an 'Auf der Nackt' zu Keespelt befannen *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt n°13627 deen den 23ten Januar 2026 tëschent dem Schäfferot an dem Här Guy Scholtes, senger Fra der Madamm Blanche Wagner, souwéi der Madamm Georgette Schroeder, ënnerschriwwe gouf. Dësen Akt concernéiert d'Deponéiere vun engem Akt fir d'Opstellung vun enger Servitude déi d'Parzellen n°827/2377, mat enger Surface vun 30,10 Ar an n°828/1918, mat enger Surface vu 17,40 Ar, béid geleeën um Uert 'In Widem', esouwéi d'Parzell n°855/1970, mat enger Surface vu 17,40 Ar, geleeën um Uert 'Auf der Nackt', allen dräi Akerland a situéiert Sektioun E vu Keespelt a Meespelt, belaaschten. Duerch dësen Akt ginn d'Besëtzer der Gemeng Kielen d'Recht, déi néideg Bauaarbechten auszeféieren, fir d'Fuerbunn vum Fouss- a Vëloswee, deen tëscht Keespelt a Meespelt verleeft, ze erweideren.

## 2. Konventioun bezüglech der Verwierklechung vun der Infrastruktur an dem Bau vu Gebaier vum Lotissement 'Beichel' (Phas 2) an der rue de Keispelt zu Kielen *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun bezüglech der Verwierklechung vun der Infrastruktur an dem Bau vu Gebaier vum Lotissement 'Beichel' (Phas 2) an der rue de Keispelt zu Kielen. Dës Konventioun gouf de 7ten Januar 2026 tëschent der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit LONGCHAMP, vertrueden duerch den Här Nico Arend, ënnerschriwwen.

## 3. Etüd bezüglech der Gestioun vu Riske verursaacht duerch plëtzlecht Héichwaasser an der Gemeng Kielen – Kontrakt vum Ingenieur *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Offer fir Déngschtleeschtungen n°S-OFF-MO-14, Referenz EliSch/gibe-25CSO17286 -25/0928 vum 22ten Dezember 2025, erstallt vum Ingenieursbüro Schroeder & Associés op der Kockelscheier fir e Montant vu 65.500,00 Euro ouni TVA (76.635,00 Euro TTC). Déi genannten Offer betrëfft de Projet deen eng Etüd fir d'Gestioun vu Riske verursaacht duerch plëtzlecht Héichwaasser an der Gemeng Kielen beinhalt, a méi prezis d'Missioun vum Ingenieur déi dozougehéiert.

## 4. A Konformitéit setze vun de Reseaue vun der ZAE (Zone d'Activités Économiques Kehlen) Phas 1 – Projet an Devis *(eestëmmege Vott)*

Et ass wichteg ze bemierken, datt – nodeems d'AGE (Administration de la gestion de l'eau) refuséiert huet, dem SICA (Syndicat intercommunal pour l'Hygiène Publique du canton de Capellen) d'Geneemegung ze ginn, hiert Réckhaltebecken fir Reewaasser un de gemëschte Kanal unzeschléissen – an och well déi kommunal Réckhalung nach net realiséiert ass, eng éischt Phas vun den Aarbechten nëmme bis op den Niveau vum SICA virgesinn ass. Dës éischt Phas ëmfaasst d'Realisatioun vun der Réckhalung fir Reewaasser a vum jeeweilege Kanal, ouni Aarbechten un de Reseauen an ouni Neigestaltung vun der Strooss.

Den Ufank vun den Aarbechten ass den Hierscht 2026 virgesinn. De Gemengerot approuvéiert deemno de Projet mam detailléiertem Devis, betreffend dem a Konformitéit setze vun de Reseauen an der Industriezon zu Kielen – Phas 1, opgestallt vum Ingenieursbüro Schroeder & Associés op der Kockelscheuer den 8ten Dezember 2025. De Projet ëmfaasst Aarbechte fir e Gesamtmontant vun 1.597.073,02 Euro ouni TVA (1.868.575,43 Euro mat TVA – opgerënnt op 1.870.000,00 Euro).

## 5. Gemengereglementer

### 5.1. Reglement bezüglech der Notzung vun de Säll an de kommunalen Infrastrukturen - Modifikatioun *(eestëmmege Vott)*

Et ass ubruecht, d'Reglement betreffend der Notzung vun de kommunale Säll an Infrastrukturen unzepassen, well verschidde Säll vun der Maison pour Tous an Zukunft un Awunner oder net Awunner verlount wäerte ginn oder gratis zur Verfügung gestallt ginn un Associatiounen an u Privatpersounen, déi am Beräich vum Zesummeliewen, vun der Inklusioun an vun der Biergerbedeelegung aktiv sinn. Ausserdeem ass festzehalen, datt d'Maison pour Tous en Uert ass wou Leit sech begéinen an déi fir all Awunner opsteet. An dëser Struktur ginn Ziler am Beräich vum Zesummeliewen, vun der Inklusioun an der Biergerbedeelegung verfollegt, déi de Gestionnaire sech verflicht ëmzesetzen. An dësem Kontext approuvéiert de Gemengerot d'Upassung vum genannte Reglement.

### 5.2. Taxereglement betreffend der Notzung vun de kommunale Säll an Infrastrukturen – Upassung *(eestëmmege Vott)*

Am selwechte Gedankegang ass et ubruecht, d'Taxereglement betreffend der Notzung vun de kommunale Säll an Infrastrukturen unzepassen, fir de Präis vun der Locatioun vun de Säll an der Maison pour Tous festzeleeën. Ausserdeem ginn d'Säll fir all Aktivitéit ouni kommerziellen Zweck (Atelieren, Reuniounen, Festivitéiten, Manifestatiounen…), déi mam Zesummeliewen, mat der sozialer

Inklusioun oder mat der Biergerbedeelegung a Verbindung steet an am Kader vun der Maison pour Tous organiséiert gëtt, gratis zur Verfügung gestallt. Dës Aktivitéit muss als solches vum kompetente Gestionnaire bzw., am Fall vu senger Absence, duerch de Service Événementiel uerdnungsgeméiss unerkannt a validéiert ginn. An dësem Kontext approuvéiert de Gemengerot d'Upassung vum genannten Taxereglement.

### *6. Concessioune bezüglech de kommunale Kierfechter fir d'Joer 2025* (eestëmmege Vott)

De Gemengerot approuvéiert d'Concessiounen déi tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an de Concessionnairen am Laf vum Joer 2025 erstallt goufen, nämlech:

| | Concessionnaire | Date | Forme | Cimetière | No. | Durée |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Schmit Arny | 01/01/2025 | Tombe | Kehlen (nouveau) | KEH-N-C9 | 15 ans |
| 2 | Vitali Carlo | 01/01/2025 | Case | Olm | OLM-COL-02 | 15 ans |
| 3 | Carr Elizabeth | 01/01/2025 | Case | Kehlen (nouveau) | KEH-COL-14 | 15 ans |
| 4 | Cools – Hernandez Heidi | 31/01/2025 | Case | Kehlen (nouveau) | KEH-COL-53 | 15 ans |
| 4 | Cools – Frohberg Ben | 31/01/2025 | Case | Kehlen (nouveau) | KEH-COL-53 | 15 ans |
| 6 | Mousel Robert | 18/01/2024 | Case | Olm | OLM-COL-06 | 30 ans |
| 7 | Burnet – Villarreal Jean-Baptiste | 12/02/2025 | Tombe simple | Kehlen (ancien) | KEH-A-LO3 | 15 ans |
| 8 | Hentges Marianne Jeanne | 03/03/2025 | Case | Kehlen (nouveau) | KEH-COL-52 | 30 ans |
| 9 | Wolski Danielle | 12/03/2025 | Case | Kehlen (nouveau) | KEH-COL-51 | 30 ans |
| 10 | De Esteban Fernando | 01/01/2020 | Case | Kehlen (nouveau) | KEH-COL-11 | 15 ans |
| 11 | Gaspar – Diederich Sylvie | 09/10/2025 | Case | Nospelt | KEH-COL-01 | 30 ans |
| 11 | Gaspar Monia | 09/10/2025 | Case | Nospelt | KEH-COL-01 | 30 ans |

### *7. Divers Subsiden (4 Trimester vum Joer 2025)* (eestëmmege Vott)

Nodeems jett Demanden am Laf vum véierten Trimester vum Joer 2025 agaange sinn, spent de Gemengerot u verschidden national an international humanitär Associatioune follgend Donen:

| Demandeur(s) | | | | | | 4ème trimestre 2025 (Octobre - décembre) | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| N° | Nom | N° Fournisseur | Forme juridique | Localité | Article budgétaire | Date demande | Montant |
| 1 | Fondation APEMH | 45161 | Fondation | Bettange-sur-Mess | 3/192/648110/99001 | 23/10/2025 | 125,00 € |
| 2 | Fondation Autisme Luxembourg | 47989 | A.s.b.l. | Capellen | 3/192/648110/99001 | 10/11/2025 | 125,00 € |
| 3 | Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché a.s.b.l. | 34317 | A.s.b.l. | Differdange | 3/192/648110/99001 | 17/11/2025 | 125,00 € |
| 4 | Fleegeelteren Lëtzebuerg a.s.b.l. | 47992 | A.s.b.l. | Manternach | 3/192/648110/99001 | 19/11/2025 | 125,00 € |
| 5 | Île aux clowns | 39509 | A.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/648110/99001 | 03/12/2025 | 125,00 € |
| 6 | Fondation AGGL-FNEL | 51964 | Fondation | Luxembourg | 3/192/648110/99001 | 15/12/2025 | 125,00 € |
| 7 | Les Amis Ayudame Luxembourg | 48603 | A.s.b.l. | Moutfort | 3/191/648110/99001 | 03/10/2025 | 125,00 € |
| 8 | Athénée - Action humanitaire | 41727 | A.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 09/10/2025 | 125,00 € |
| 9 | Little Angels a.s.b.l. | 48876 | A.s.b.l. | Belvaux | 3/191/648110/99001 | 20/10/2025 | 125,00 € |
| 10 | Objectif Tiers Monde (OTM) | 49765 | A.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 23/10/2025 | 125,00 € |
| 11 | SOS Faim Luxembourg Action pour le développement a.s.b.l. | 40017 | A.s.b.l. | Schifflange | 3/191/648110/99001 | 24/10/2025 | 125,00 € |
| 12 | Mitica Association d'aide à l'enfance a.s.b.l. | 48417 | A.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 03/11/2025 | 125,00 € |
| 13 | Fondation Partage Luxembourg | 53348 | Fondation | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 13/11/2025 | 125,00 € |
| 14 | CSI Lëtzebuerg | 50413 | ONG | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 13/11/2025 | 125,00 € |
| 15 | Action pour un monde uni | 50228 | A.s.b.l. | Filsdorf | 3/191/648110/99001 | 14/11/2025 | 125,00 € |
| 16 | Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren serv. coop. a.s.b.l. | 50784 | A.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 26/11/2025 | 125,00 € |
| 17 | Ecpat Luxembourg a.s.b.l. | 53419 | A.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 01/12/2025 | 125,00 € |
| | | | | | | Total | 2.125,00 € |

### *8. SEA – Konventioune bestoend aus zwou Parteie fir 2026 bezüglech dem kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner*
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioune bestoend aus zwou Parteie fir 2026 bezüglech dem Fonctionnement vun der Maison relais – parascolaire vun der Gemeng Kielen an der Maison relais – Crèche zu Keespelt. Dës zwou Konventioune, sou wéi déi generell Konditiounen déi sech dorop bezéie, goufen den 19ten Dezember 2025 tëschent dem Educatiounsministère an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen ënnerschriwwen.

### *9. Consultativ Kommissioune vun der Gemeng Kielen a Kommitee fir d'Gestioun vun der Galerie bei der Kierch – Zesummestellung*

#### *9.1. Familljen- a Chancëgläichheets-kommissioun – Nominatioun vun engem Member* *(mat 12 Stëmme fir de gewielte Kandidat)*

Nodeems en Opruff fir Kandidature vun der Gemeng am Buet fir d'Period Januar/Mäerz 2026 publizéiert gouf, hu 4 interesséiert Awunner hir Kandidatur agereecht fir de politesch neutrale vakante Posten. An deem Kontext, decidéiert de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Iryna Kyzyma als Member vun der Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun ze ernennen. Déi genannte Kommissioun setzt sech deemno aus follgenden 13 Memberen zesummen:

| N° | Nom & Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | KOCH Natacha | CSV | Secrétaire |
| 2 | FRIEDERES Georges | CSV | Membre |
| 3 | BIVER Marie-Anne | CSV | Membre |
| 4 | MEYER-DEITZ Claudine | LSAP | Présidente |
| 5 | WELTER-SALLAI Monique | LSAP | Membre |
| 6 | DA COSTA ROSA Ricardo | DP | Membre |
| 7 | GRAAS-LUCCHINI Danièle | déi gréng | Membre |
| 8 | WACKERS Marie Paule | neutre | Membre |
| 8 | LANNERS Marc | neutre | Membre |
| 10 | PELLER-SCHLOESSER Josette | neutre | Membre |
| 11 | MAAS Marc | neutre | Membre |
| 12 | KYZYMA Iryna | neutre | Membre |
| 13 | THILL Fernand | neutre | Membre |

#### *9.2. Sportskommissioun – Ernennung vu Memberen*
*(mat 11 Stëmme fir déi zwee gewielte Kandidaten an 1 Enthalung)*

Nodeems en Opruff fir Kandidature vun der Gemeng am Buet fir d'Period Januar/Mäerz 2026 publizéiert gouf, hu 5 interesséiert Awunner hir Kandidatur agereecht fir déi zwee politesch neutral vakant Posten. An deem Kontext, decidéiert de Gemengerot, no engem geheime Vott, den Här Nicolas Bonifas an d'Madamm Patricia Streitz als Membere vun der Sportskommissioun ze ernennen. Dës Kommissioun setzt sech deemno aus follgenden 13 Memberen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | VAN WISSEN Pauline | CSV | Présidente |
| 2 | DOS SANTOS MACIEL Paula | CSV | Membre |
| 3 | AZEVEDO PIRES Sylvie | CSV | Membre |
| 4 | REHLINGER Sandra | LSAP | Secrétaire |
| 5 | PACIOTTI Patrizia | LSAP | Membre |
| 6 | REGNO Massimo | DP | Membre |
| 7 | VOSMAN Hermanus | déi gréng | Membre |
| 8 | URBING Kevin | neutre | Membre |
| 9 | PEREIRA PINTO Michel | neutre | Membre |
| 10 | BONIFAS Nicolas | neutre | Membre |
| 11 | LIESCH Camille | neutre | Membre |
| 12 | JANDER Christine | neutre | Membre |
| 13 | STREITZ Patricia | neutre | Membre |

#### *9.3. Verkéierskommissioun – Ernennung vu Memberen*
*(mat 11 Stëmme fir déi zwee gewielte Kandidaten a jeeweils 1 Stëmm fir déi aner zwee Kandidaten)*

Nodeems en Opruff fir Kandidature vun der Gemeng am Buet fir d'Period Januar/Mäerz 2026 publizéiert gouf, hu 4 interesséiert Awunner hir Kandidatur agereecht fir déi zwee politesch neutral vakant Posten. An deem Kontext, decidéiert de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Maria Teresa Caputo an d'Madamm Sarah Delcourt als Membere vun der Verkéierskommissioun ze ernennen. Dës Kommissioun setzt sech deemno aus follgenden 13 Memberen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | URBING Kevin | CSV | Secrétaire |
| 2 | ENGELS Michel | CSV | Membre |
| 3 | MATIAS TRIGO Afonso Filipe | CSV | Membre |
| 4 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | LSAP | Présidente |
| 5 | BRONDEN Daniel | LSAP | Membre |
| 6 | DA COSTA ROSA Ricardo | DP | Membre |
| 7 | VOEGELI Luc | déi gréng | Membre |
| 8 | RIES Julien | neutre | Membre |
| 9 | CAPUTO Maria Teresa | neutre | Membre |
| 10 | PICARD Marc | neutre | Membre |
| 11 | GOEDERT Tom | neutre | Membre |
| 12 | PELLER Franky | neutre | Membre |
| 13 | DELCOURT Sarah | neutre | Membre |

#### *9.4. Kommissioun fir den 3. Alter – Ernennung vun engem Member*
*(mat 12 Stëmme fir de gewielte Kandidat)*

Nodeems en Opruff fir Kandidature vun der Gemeng am Buet fir d'Period Januar/Mäerz 2026 publizéiert gouf, huet just een interesséierten Awunner seng Kandidatur agereecht fir déi zwee politesch neutral vakant Posten. An deem Kontext, decidéiert de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Maya Nikolova als Member vun der Kommissioun fir den 3. Alter ze ernennen. Dës Kommissioun setzt sech deemno aus follgenden 12 Memberen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | KOCH Natacha | CSV | Présidente |
| 2 | DOS SANTOS MACIEL Paula | CSV | Membre |
| 3 | LANGERS Paul | CSV | Membre |
| 4 | MAAS Marc | LSAP | Secrétaire |
| 5 | PACIOTTI Patrizia | LSAP | Membre |
| 6 | HOLZMACHER Christiane | DP | Membre |
| 7 | CLEMENS Josette | déi gréng | Membre |
| 8 | JANSSEN-KELSEN Yvette | neutre | Membre |
| 9 | FABER Chantal | neutre | Membre |
| 10 | LIESCH Camille | neutre | Membre |
| 11 | KLEIN Marie-Thérèse | neutre | Membre |
| 12 | NIKOLOVA Maya | neutre | Membre |
| 13 | vacant | neutre | Membre |

### *9.5. Inclusiounskommissioun – Ernennung vun engem Member*
*(mat 12 Stëmme fir de gewielte Kandidat)*

Nodeems en Opruff fir Kandidature vun der Gemeng am Buet fir d'Period Januar/Mäerz 2026 publizéiert gouf, huet een interesséierten Awunner seng Kandidatur agereecht fir de politesch neutrale vakante Posten. An deem Kontext, decidéiert de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Maya Nikolova als Member vun der Inclusiounskommissioun ze ernennen. Dës Kommissioun setzt sech deemno aus follgenden 13 Memberen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire |
| 2 | KOHNEN Guy | CSV | Membre |
| 3 | MEIS Sandy | CSV | Membre |
| 4 | REHLINGER Sandra | LSAP | Présidente |
| 5 | GEBELE Bob | LSAP | Membre |
| 6 | CASEY Wendy | DP | Membre |
| 7 | BONIFAS Larry | déi gréng | Membre |
| 8 | PEREIRA-PACIOTTI Patrizia | neutre | Membre |
| 9 | LIESCH Camille | neutre | Membre |
| 10 | NIKOLOVA Maya | neutre | Membre |
| 11 | LINK Marie-Claire | neutre | Membre |
| 12 | SOW Momar Tallar | neutre | Membre |
| 13 | MARTIN Paul | neutre | Membre |

### *9.6. Jugendkommissioun – Ernennung vun engem Member*
*(mat 11 Stëmme fir de gewielte Kandidat an 1 Enthalung)*

Nodeems en Opruff fir Kandidature vun der Gemeng am Buet fir d'Period Januar/Mäerz 2026 publizéiert gouf, huet een interesséierten Awunner seng Kandidatur agereecht fir de politesch neutrale vakante Posten. An deem Kontext, decidéiert de Gemengerot, no engem geheime Vott, den Här Philippe Bonert als Member vun der Jugendkommissioun ze ernennen. Dës Kommissioun setzt sech deemno aus follgenden 13 Memberen zesummen:

| N° | Nom & Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | MASSARD Sandrine | CSV | Secrétaire |
| 2 | WOLFF Judith | CSV | Membre |
| 3 | LUDOVICY Anne | CSV | Membre |
| 4 | BACK Joan | LSAP | Présidente |
| 5 | PACIOTTI PEREIRA Patrizia | LSAP | Membre |
| 6 | GREISCH Jessica | DP | Membre |
| 7 | STAUDT Vanessa | déi gréng | Membre |
| 8 | LUCAS Tania | neutre | Membre |
| 9 | PELLIN Jean-Claude | neutre | Membre |
| 10 | BONERT Philippe | neutre | Membre |
| 11 | DELVIGNE Thierry | neutre | Membre |
| 12 | ATTEN Manon | neutre | Membre |
| 13 | BASTIAN Christian | neutre | Membre |

### *9.7. Loyerskommissioun – Ernennung vun engem Member*
*(mat 12 Stëmme fir de gewielte Kandidat)*

Nodeems en Opruff fir Kandidature vun der Gemeng am Buet fir d'Period Januar/Mäerz 2026 publizéiert gouf, huet een interesséierten Awunner seng Kandidatur agereecht fir Member vun der Loyerskommissioun ze ginn, nämlech als Locataire-Vertrieder (Ersatzmember). An deem Kontext, decidéiert de Gemengerot, no engem geheime Vott, d'Madamm Maya Nikolova als Locataire-Vertrieder (Ersatzmember) ze ernennen. Dës Kommissioun setzt sech deemno aus follgende Memberen zesummen:

| N° | Nom / Prénom | |
|---|---|---|
| 1 | HOUEL Damien | LSAP (Président) |
| 2 | KOHNEN Guy (conseiller communal) | CSV (Président suppléant) |
| 3 | BONIFAS Nico | Assesseur-bailleur |
| 4 | AGUIAR MENDES Janine | Assesseur-bailleur suppléant |
| 5 | RECHT Laurent | Assesseur-locataire |
| 6 | NIKOLOVA Maya | Assesseur-locataire suppléant |

### *9.8. Kommitee fir d'Gestioun vun der Galerie bei der Kierch – Ernennung vun engem Member*
*(mat 12 Stëmme fir de gewielte Kandidat)*

Nodeems en Opruff fir Kandidature vun der Gemeng am Buet fir d'Period Januar/Määerz 2026 publizéiert gouf, hunn 3 interesséiert Awunner hir Kandidatur agereecht fir de politesch neutrale vakante Posten. An deem Kontext, decidéiert de Gemengerot, no engem geheime Vott, den Här Ismail Aasi als Member vum Kommitee fir d'Gestioun vun der Galerie bei der Kierch ze ernennen. Dëse Kommitee setzt sech deemno aus follgende Memberen zesummen:

| N° | Nom & Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | MATIAS TRIGO Afonso | délégué | Président |
| 2 | SCHROEDER Chantal | CSV | Membre |
| 3 | MAAS Marc | LSAP | Secrétaire |
| 4 | REGNO Massimo | DP | Membre |
| 5 | ÇIÇEK Canan | déi gréng | Membre |
| 6 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | Présidente de la commission consultative communale des Affaires culturelles | Membre |
| **Nomination comme membres „indépendants" pendant la période du 1er janvier 2021 jusqu'au 31 décembre 2026** | | | |
| 7 | SCHIEL Valérie | neutre | Membre |
| 8 | CASEY Wendy | neutre | Membre |
| 9 | GERGES André | neutre | Membre |
| 10 | AASI Ismail | neutre | Membre |

### *10. Confirmatioun vun engem urgente Verkéiersreglement vum Schäfferot* *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot erkennt d'Noutwennegkeet vum urgente Verkéiersreglement vum Schäfferot un, nämlech dat vum 21ten Januar 2026, n°1, notamment fir d'Opstelle vun engem Container notamment fir d'Opstelle vun engem Container nodeems Hecke wechgerappt goufen.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *11. Personal Ugeleeënheeten - Kommunalen Erzéiungs- an Empfangsdéngscht fir Kanner (SEA)*

#### *11.1. Ufro fir d'Kierzung vun der Period fir Initiatioun vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales* *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot accordéiert engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Psycho-Sociales eng Kierzung vun der Period fir Initiatioun.

#### *11.2. Ännerung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales* *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot decidéiert d'Tâche vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Psycho-Sociales ze änneren.

#### *11.3. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Psycho-Sociales* *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot ernennt, no engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Indemnitéitskategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Psycho-Sociales.